



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 28 octobre 2016



Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe la réponse du Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire no 2433 posée par l'honorable Député Monsieur Roy Reding.

Jean Asselborn

Réponse de Monsieur le Ministre Jean Asselborn à la question parlementaire n° 2433 posée par l'honorable député Monsieur Roy Reding

1. Wou sinn d'Fangerofdréck, déi ee fir säi Pass muss ofginn, gespäichert? Wie geréiert eng eventuell Datebank, wien huet Zougrëff drop a wie suergt duerfir, datt déi Donnéeën an d'Privatsphär vum Bierger geschützt sinn?

D'Fangerofdréck ginn am Kader vu Pass Demanden op de lëtzebuenger Gemengen, Konsulater oder an de Guicheten vum Passbüro eragelies iwwert e Programm deen d'Donnéeën net späichert mee se an d'Base de Données vum Passbüro viru gëtt.

D'Fangerofdréck ginn also net lokal gespäichert mee zentral am Passbüro op enger Base de Données, wou nëmmen eng limitéiert Unzuel vun habilitéierte Leit, déi Päss personaliséieren, Zougrëff hunn. Dës Base de Données entsprécht den gesetzlech virgeschriwwenen Sécherheetsmoossnamen. Déi biometresch Donnéeën ginn hei just esou laang versuergt wéi et technesch noutweneg ass fir den Pass ze personaliséieren an fir et méiglech ze maachen e neie Pass auszustellen, z.B. wann en technesch Problem optrëtt oder e Pass géif beschiedegt ginn iert e konnt ausgehändegt ginn. Duerno ginn dës Donnéeën automatesch gelöscht an sinn just nach um Chip vum Pass selwer gespäichert.

2. Ginn déi biometresch Donnéeën ieren exklusiv um Reesdokument gespäichert? Wa jo, wéi kann ee Bierger kontrolléieren, dat dat tatsächlech esou ass?

Kuerz nodeems den Pass ausgestallt ginn ass, sinn déi biometresch Donnéeën just op dem Chip vum Pass gespäichert. Dësen Chip as cryptéiert an ouni de Cryptage-Schlëssel kënn keen drun. Des Cryptage-Schlësselen ginn mat anere Länner iwert Datebanken, z.B. den Public Key Directory vun der International Civil Aviation Organization (ICAO), ausgetosch fir dass lëtzebuenger Päss kënnen am Ausland geliest ginn.

E Bierger kann mat sengem Pass an de Passbüro kommen wou den Chip am Pass ka vérifiéiert an ausgelies ginn.

3. Huet d'US-Douane Accès op eng Lëtzebuenger Datebank oder vergläicht si d'Fangerofdréck, déi bei der Arees geholl ginn, nëmme mat Daten, déi um Pass selwer ze fanne sinn?

Et huet keng auslännesch Administratioun oder Organisatioun Zougang op d'Base de Données vun de lëtzebuenger Päss. D'Daten kënnen just mat deenen verglach ginn déi um Pass selwer ze fannen sinn.

4. Weess d'Lëtzebuenger Regierung, wou a wéi laang Fangerofdréck vun hire Bierger, déi an d'USA areesen, do gespäichert ginn an fir wat fir Zwecker se do vu wéi engen Administratiounen kënne gebraucht ginn?

Den Ëmgang mat den Daten, déi do opgeholl ginn, ënnerläit den Gesetzter vun deem jeeweilegen Land.

5. Wéi wäit kënne Fangerofdréck, déi fir d'Erstelle vun engem Pass geholl si ginn, an enger Ermëttlung vun der Police gebraucht ginn?

Dat kann nëmmen geschéien mat engem Mandat de Perquisition vum Untersuchungsriichter.